



D'GAMELLE



E Bliedchen vun de
Luerenzweiler Guiden a Scouten

Redaktiounsuschrëft

GAMELLE GmbH & Co. KG
65, route de Luxembourg
7373 Luerenzweiler
GSM : 091 30 97 37
em@il : gamelle@lgslorenzweiler.lu

Chefredakter

LINCKELS Sven

Redaktioun

BECK Jemp
BIDOLI Renée
FOURNELLE Germain
JACOBS Julie
MASSOL Melanie
MENSTER Annick
RAUSCH Andy
SCHOSSELER Jil
SCHROEDER Ander
WEBER Men
WENGER Julie
WILTGEN Anouk

Carole,
Catherine,
Charel,
Conny,
Mich,
Tammy

Oplo

120 Stéck

Nummer

N° 13 erauskomm de 9. November 2002

Wat as dran?

SÄIT

- 1 Cover
- 2 Impressum & Inhalt
- 3 Virwuert
... vum Gruppchef
- 4 - 5 Wichteg Adressen
- 6 - 8 Biber
... Munchkin 2002
... Biber Weekend
- 9 - 13 Wiwel
... Immatempa 2002
... Fuesweekend
- 14 - 17 Avex
... Jambalaya 2002
- 18 - 19 Carapio
... Montées Weekend 2001
... Thüringer-Verkaaf
- 20 - 27 Raro
... Tour du Mont Blanc
- 28 - 31 Verschiddenes
... Buergbrennen
... Tipfäähler
... Dem Romain säin
Oofschidd
- 32 Memberlëscht 2001/2002

E puer Wuert vum ...

Gruppechef

E grouse Merci un eis Cheftainen a Chef, déi Woch fir Woch, Dag fir Dag, eegen Zäit hirgin fir sech an de Guiden a Scouten ze engagéieren.

E grouse Merci un all eis enk Frenn, déi eis bei all Geleenheet, Kreschmaart, Jump Back, oder soss hëllef.

E ganz grouse Merci un de Paschtouer Romain Ney, deen eis den 1. Oktober leider verlooss huet well hien op Déifferdeng beruff gouf. Hien huet eise Verein ëmmer a Schutz geholl an eis Interessen op ville Plaazen verteidegt. Besonnesch mam Foyer St. Laurent, eisem Home, hun mir him vill ze verdanken. Ech giff mengen wann de



Romain nët op Luerenzweiler komm wär, dann hätte mir haut nach kee neie Foyer do stoen. Hien huet emmer eis Partie gehall a gekuckt daat mir an deem Bau de Maximum erauskréien, well d'Jugendaarbecht, wéi se bei de Scouten praktizéiert get, him ganz wichteg ass. Merci Romain!!!

E weidere Merci un all eis Elteren, daat si Vertrauen an eis setzen andeem si eis hir Kanner fir eng gewessen Zäit uvertrauen. Mir si kee professionnelle Betrieb, mee nemmen e Grupp vun Amateuren, wou nët ëmmer alles riicht leeft. Trotzdeem get vill geschafft, eis Kanner a Jugendlech a mir selwer erliwen vill schéi Stonnen zesummen, an ech si secher daat jiddereen, vun deene ganz Jonken bis zu deene besse méi Aalen, eppes fir sai Liewen ewech dréit. Guiden a Scouten léieren Verantwortung iwerhuelen, sech engagéieren am Liewen, d'Liewen selwer an de Grapp ze huelen asw. asw. asw.

Ech wenschen

- eise Cheftaine a Chef e flott Schaffen
- eise Kanner a Jugendlech vill schéin, flott an léierräich Erliwnesser
- eisen Elteren Kanner déi ausgeglach aus der Versammlung, WE oder Camp kommen a vill ze zielen wessen.

Fir daat neit Guiden a Scoutsjoer 2002/2003

Jemp

Wichtig Adressen

BIBER

BIDOLI Renée
8, rue de Mersch
7432 Gosseldange
TEL : 32 79 69
GSM : 021 784 250

EVERAD Chantal
3, rue de Blaschette
7353 Lorentzweiler
TEL : 32 65 75
GSM : 021 144 951

KRECKÉ Elisabeth
18, rue de Mersch
7432 Gosseldange
TEL : 32 81 38
GSM : 021 768 176

MENSTER Annick
23, rue Belle-Vue
7350 Lorentzweiler
TEL : 33 73 30
GSM : 091 337 330

WIWEL

BICHLER Fanny
23, rue des Noyers
7303 Steinsel
TEL : 33 73 08
GSM : 021 214 989

BRÜCK Dada & Paul
36, rue Principale
7450 Lintgen
TEL : 26 32 12 84

FOURNELLE Germain
8, rue Belle-Vue
7350 Lorentzweiler
TEL : 33 81 70
GSM : 021 758 116

HÖFLIGER Tessy
173, cité Roger Schmitz
7381 Bofferdange
TEL : 33 98 74
GSM : 021 393 494

JACOBS Marianne
118, rue de Fischbach
7447 Lintgen
TEL : 32 86 89
GSM : 021 613 413

MASSOL Melanie
25, rue de Blaschette
7353 Lorentzweiler
TEL : 33 26 13
GSM : 021 282 427

WENGER Julie
2, am Bongert
7453 Lintgen
TEL : 32 91 96

AVEX

BECK Jemp
5, rue des jardins
7325 Heisdorf
GSM : 021 750 159
Arbecht : 33 72 68 23

BISENIUS Ben
2, rue Bëll
7432 Gosseldange
TEL : 32 67 08
GSM : 091 620 377

JUNIO Catherine & MOLITOR Ben
Z.I. Langwiss
6131 Junglinster
GSM (Ben) : 021 303 431
GSM (Cathy) : 021 390 261

MOLITOR Anne
149, route de Luxembourg
7374 Helmdange
TEL : 33 73 88
GSM : 021 753 818

MULLER Ernestine
B.P. 19
7205 Lorentzweiler



CARAPIO

BOURMER Fränk
11, Rasper
2414 Luxemb. / Dommeldange
GSM : 021 763 731

LINCKELS Sven
65, route de Luxembourg
7373 Lorentzweiler
GSM : 091 309 737

MAES Myriam
12, op den lessen
7363 Lorentzweiler
GSM : 091 332 018

NEY Carole
5, rue des jardins
7325 Heisdorf
TEL : 33 60 88
GSM : 091 339 812

PANETTA Nico
28, rue Kreizert
7453 Lintgen
TEL : 32 95 42
GSM : 021 253 953

SCHROEDER Ander
4, rue Paul Eyschen
7317 Steinsel
TEL : 33 03 32
GSM : 021 730 814

RARO

HÖFLIGER Tessy
173, cité Roger Schmitz
7381 Bofferdange
TEL : 33 98 74
GSM : 021 393 494

PEUSCH Mireille
21a, rue de Blaschette
7373 Lorentzweiler
GSM : 021 223 200

5. BRANCHE

WEBER Men
140, route de Luxembourg
7241 Bereldange
TEL : 44 94 47
GSM : 021 135 159

GRUPPECHEF

BECK Jemp
5, rue des jardins
7325 Heisdorf
GSM : 021 750 159
Arbecht : 33 72 68 23

FOYER

FOYER ST. LAURENT
23, rue St. Laurent
7370 Lorentzweiler
TEL : 33 07 08

SEKRETÄRIN

JACOBS Marianne
118, rue de Fischbach
7447 Lintgen
TEL : 32 86 89
GSM : 021 613 413

**WITZE-
SEKRETÄRIN**

KRECKÉ Elisabeth
18, rue de Mersch
7432 Gosseldange
TEL : 32 81 38
GSM : 021 768 176

KEESSIERE

EVERAD Chantal
3, rue de Blaschette
7373 Lorentzweiler
TEL : 32 65 75
GSM : 021 144 951

CAMIONETTE

PAULUS Alain
27, rue de Helmdange
7360 Helmdange
TEL : 33 72 56
GSM : 091 340 014

GRUPPEKÄCHE

MULLER Ernestine
B.P. 19
7205 Lorentzweiler

**DEN LGS
SHOP ...**

... as ze fannen :

an der Stad
am Convict
Bloc G um 1. Stack
5, avenue
Marie-Thérèse

... as op :

Dënschdes
a Mëttwochs
vun 15:00 bis 18:00
Donneschdes
vun 15:00 bis 19:00
ausser an de
Schoulvakazen!

... as ze ereechen :

ënner dem
TEL : 44 7 43 313
oder per
FAX : 44 7 43 249

MUNCHKIN 2002

Biber Camp zu Schweidsbend vum 13. Juli bis de 16. Juli

Samschdes 13. Juli

Mir hun den Zuch zu Lurenzweiler geholl an an der Stadt deen fir op Bettebuerg fir op d'Sich ze goen nom Zauberer vun Oz. Zu Bettebuerg ukomm, hu mir ons an de grenge Sous-camp Bus gesaat, den ons op Wellesteen bruecht huet. Mir waren am grenge Sous-camp, zesummen mat



Barteng, Rodange-Lamadelaine a Schëffleng. Nodeems mir ons agericht haaten sin mir erem zereck op Schwéidsbeng gefuer, wou mir dann Kaffi gedronk hun. Nom Spullen huet d'Eröffnungsfeier ugefangen. Do hu mir d'Hauptpersounen vum Camp kennegeleiert : d'Dorothée, de Blechmann, de Stréimann an de Léif. Während denen nächsten 3 Deeg hun mir ons op d'Sich gemach nom groussen Zauberer vun Oz. D'Munchkinnen hun ons gewissen wou et higangen as. Mir hun och nach d'Camplidd héiren an probéiert mat ze sängen. Um 21:30 Auer huet de Bus ons dann erem op onse Sous-camp gefouert. D'Nuetsrou déi um 22:00 Auer sollt sin, as och zimlech agehaalen gin.

Sonndes 14. Juli

Nodeems de Philippe an de Brian schon um 6:30 Auer moies eraus spille wollte goen (waat sie och gemeet hun), sin déi aaner Biber géint 7:00 Auer opgestanen. Nom "Wächen"; an nodeems mir ons Saachen zesummen gepackt hun as de Bus ons och schon erem siche komm, fir ons op Schwéidsbeng ze brengen, wou mir de ganzen Daag iwer waren. Nom Kafi drenken an Spullen as onsen 1. Atelier ugaangen : mir sin bei de Blechmann gängen. An desem Atelier hu mir verschidden Musekinstrumenter kennegeleiert a mir hun och eent gebastelt. No e puer Spiller, wor et och schon Zait fir d'Mettesiessen. Nom Spullen as 1 Chef an d'Chefversammlung gängen an dei anner hun mat de Biber gespillt. Um 14:30 Auer si mir dann an dem Dorothy säin Atelier gängen. Do hu mir d'Camplidd gudd geléiert, fir et dem Zauberer fir ze sängen. Mir hun nach verschidde Spiller gemeet an ons wäiss Stoffe-Turnschlappen nach greng gemollt. Nom Kaffi drenken hun d'Biber mat de Cheffen gespult an et as ness zeréck op



Schwéidsbeng gangen wou mir dann nach eng Sous-camp Veillée hatten. Um 22:00 Auer sin d'Biber doutmidd an d'Bett gefall. D'Cheffen haten nach eng kleng "Chefversammlung" fir de Bilan vum Daag ze machen, si sin dun awer och schloffe gangen.



Méindes 15. Juli

Haut de moien wollt awer keen méi um 6:30 Auer eraus spille goen, mir haten Schwierigkeeten fir se erwecht ze kréien. Nom Kaffi drénken a spullen si mir dann an den Atelier Stréimann gangen. Béim Stréimann hu mir eng Vuchelscheich gebastelt. Nom Bastelen hu mir nach Spiller gemeet, wou mir vum RTL gefilmt goufen. D'Julie an Tammy sin och interviewet gin an de Philippe huet um Radio geschwaat. Eier et z'iesse gouf, hun d'Biber dann nach e wéineg gemollt. Nom Mettesiessen a Spullen si mir dann bei de Léiw an den Atelier gangen. Do hu mir eng Léiwemähn an e Léiweschwanz gebastelt. Mir hun ons awer och nach ewéi e Léiw am Gesicht gemolt. Dunn konnten d'Biber nach hirer Lieblingsbeschäftigung nogoen, an zwar "Hehsprénger fänken". Nom Kaffidrenken a Spullen si mir dann op Réimech gefuer wou mir zesummen mam roude Sous-camp eng reléis Veillée hatten. Doutmidd sin d'Biber herno an hire Schlofsaack gekroch an hun och gläich geschlof.

Denschdes 16. Juli

Haut war onse leschten Daach, wou mir am Nometteg ons Ofschlossveillée an der Smaragdstaat beim Zauberer vun Oz haaten. Moies hu mir awer nach eng Fotorallye zu Schwéidsbeng gemach. D'Biber hu missten op Fotoen verschidden Plaatzen aus dem Duerf eremerkennen an hu missten verschidden Aufgaben léisen. Nom Mettesiessen a Spullen si mir dann op Wellesteen gefuer, fir ons Saachen anzepacken an ons färdeg ze maachen fir bei den Zauberer. Op der Ofschlossveillée kruut d'Dorothée dann säin Wonsch erfellet an as erem heem gezaubert gin. Nodeems mir ons alleguerten Äddi gesoot hun, si mir dann mam Bus erem op Betebuerg gefuer fir do den Zuch ze huelen bis an d'Staat an do dann den Uschloss fir op Luerenzweiler. Zu Luerenzweiler op der Gare hun d'Elteren schons gewaart an onse flotte Camp wor eriwer.



Et woren 4 schéin a lechteg Deeg beim Dorothée an sengen Frënn.

Annick

Biber Weekend

6. & 7. Abrell 2002

Mettes um 14:00 sollt et lass goen. Mir hun eis beim Foyer getraff a sin dunn mat den Elteren vun eisen Biber (an natiirlech mat de Biber) op Diekrech gefuer.

Do hu mer eis ageriicht an eng Stonn méi spéit as dunn eise Programm ugaang.

De ganzen WE stoung ennert dem Thema "ZIRKUS".

Ier mer dunn awer och mat deem Thema ugefaangen hun, hu mir eise Biber probéiert ze erklären wat ee Versprieche as (well mer daat nämlech owes an der Veillée sollten man). Sie hun dunn och missten bis owes eppes versprieche, daat sie iwrengs och all ganz gudd agehaal haaten!

Mir hun dunn de Kanner gesot dass mer een "Special Guest" op dem Weekend hätten. An du koum en och schon : den Zirkusdirekter vum Zirkus Simsalabim!

Si waren awer all ganz traureg wéi se gesin hun dass eisen Gaascht NEMMEN d'Elisabeth war :(

Den Zirkusdirekter huet hinnen erzielt dass se kéinten an enger Zirkusvirstellung mat maan, mee fir fit dofir ze sin, hun se nach vill missen üben!

No honnertdausend Übungen hun se dann och eng Belounung kritt an zwar een 5



Gänge-Menü.

Owes hu mer eis all flott gemaach fir de groussen Optrett. D'Biber hun sech an 4 Gruppen opgedeelt a si hun do verschidden Nummeren missten astudeieren, wéi zum Beispill Jongléieren an natirlech déi berühmten Clownen-Nummer.

Wéineg méi spéit hun sech d'Zuschauer (daat waren d'Nic, d'Annick, d'Elis, de Cyril an ech) an dem groussen Zelt gesammelt an d'Virstellung konnt ufänken.

Als grouss Finale hun d'Biber dunn hiert éischt Versprieche gemaach an se kruten all hire Foulard.

Ganz spéit sin eis Artisten dun an d'Bett



gaang an si hun och schnell déif a fest geschloof.

Moies fréi as den Zirkus weider gezunn. D'Biber hun e Staat-Spill gemaach duerch ganz Dikkrech! (also d'Elis an den Cyril an ech hun et wierklech ustrengent fonnt)

Als Mettegiessen hu mer gudd Spaghettien g'iess an dono as et un d'Rumen gaang. Mettes hu mer nach e puer Spiller gemaach an schliesslech e Bild iwert den WE gemolt. Um halwer 5 koumen dann de Biber hier Elteren se erem sichen, an ee super Weekend war domat och ofgeschloss ;)

Renée

Immatempa 2002

Wellefer Camp vum 14 Juli bis den 20. Juli

Dest Joer si mir Wëllefcher, an d'Éisleck op de Camp gangen. Et war awer keen hons-gewéinleche Camp, nee, et war en nationalen Wëllefcherscamp, wou 800 Leit während enger Woch zesummen gelieft hun.

De Camp war um Kiischpelt, d.h. an den Diefer Wëlwerwolz, Äischer, Pënsch an Lëllgen.

Wéi d'Wuert Immatempa et schon seet, huet et eppes mat der Zäit ze din. All neien Daag si mer an eng super modern an funktionnell Zäitmaschin geklomm déi eis an verschiden Zäiten bruecht huet.

Sonndes de 14. Juli

Endlech war dee groussen Daag do! D'Wellefcher sin alleguerten Moies voller Spannung opgestanen an hier Elteren aus dem Bett geheit! Déi lescht Klengescheeten sin nach séier an de Rucksack agepackt gin an dann war et schon esou wäit! Den Treffpunkt war ob der Gare zu Luerenzweiler! Do hu mer dann op den Immatempa-Zuch gewaart deen all d'Wellefcher déi um Immatempa sollten deelhuelen matgeholl huet. Am Zuch war

d'Ambiance schon immens flott. (Daat kann sech jiddereen virstellen, wann 600 Wellefcher an engem Zuch setzen!!!!!!!). Esou si mer dann zu Welwerwolz ukomm an hun do de Bus geholl deen eis op Äischer bruecht huet. Do sin d'Luerenzweiler Wellefcher dann gewuer gin, dass se an der Racké-Millen giffen schlofen. D'Cheffen hun sech all Daag oofgewiesselt an hun een noo dem aaneren do geschloof. Soss hun d'Cheffen dobaussen an d'Zelter geschloof. D'Wellefcher haaten ongeféier 2 Stonnen fir sech anzerichten an d'Emgéigend ze erforschen. Noodems gouf et Kaffi, wou mer alleguerten auserhéngert eis drop gestiermt hun.

Noom Kaffi si mer dann zu Fouss bis ob Welwerwolzt getreppelt, wou d'Eröffnungsveillée ugefangen huet. Op deser Veillée as de Kanner duech Spiller an Geschichten den Ooflaaf vum Camp erkläert gin.

No der Veillée si mer dann alleguerten erem op Äischer getreppelt wou mer alleguerten frou waren fir an "d'Bett"!

Meindes de 15. Juli

Moies as et dann immens fréi lassgangen! Um 8 Auer as jiddereen opgestanen an huet sech esou gudd ewéi et alt eben gangen as, gewäsch. D'Wasser war nämlech kaal, an eis sanitär Anlagen waren dobaussen an leider war d'Wieder déi Woch och net graad super gudd (bis ob 2 Deeg). Noom wäschen as et dann Kaffi gin, an direkt duerno as et Richtung Zäitmaschin gangen déi zu Welwerwolz stationéiert war. Daat war déi éischte Kéier wou mer dann an déi däischter a spannend Zäitmaschin gek-



lomm sin. Dann as et lass gangen! Um Computer-Bildschirm hu mer gesin wéi mer duech de Weltall geflunn sin a mir waren frou wou mer dun heel an der Steenzäit gelannt waren. Dun si mer aus där Zäitmaschin geklomm an hun eis op de Wee gemach fir an eist Revéier, dat zu Pënsch war.

Endlech do ukomm hu mer eis missen virbereeden vir op d'Juegd.

Do hu mer dunn verschidden Atelieren gemach. Daat éischt war Déiernspueren ze léiern, unhand vun engem Puzzle. Déi beléifsten Déieren déi Steenzäit-Menschen gejuegt hun, waren d'Fellnashörner, d'Rendéieren, d'Büffelen, d'Mamuten an d'Höhlenbieren.

Deen zweeten Atelier war dunn Steenzäitmolerei, wou all Wellefchen seng künstlerech Oder beweisen konnt. Mat selwergemaaten Faawen (mat Buedem, Kuel, Eer, ...) hun d'Wellefcher Juegdmotiver op Rauhfaserapéit gemolt.

Beim dretten Atelier hun eis Steenzäit-Wellefcher mat Specksteen a Fiederer Juegdschmuck hirgestallt.

An dann endlech beim féierten Atelier as et drem gaangen d'Schéissen mam Speer gut ze beherrschen. Et wor e Büffel an der Wiss an d'Wellefcher hun dee missen oofschéissen!

No enger klenger Mettegiessenpaus as et awer weider gaangen. Jiddereen kruut eng Juegdverkleedung ungedoen an dun as et lass gangen. Mir sin e Kilometer-héichen Bierg eropgeklomm, fir endlech ob d'Juegd-Platz unzekommen. Do sin déi verschidden Jäeren dann an verschidde Gruppen ageedeelt gin an si hu missen de Spuren, déi se Moies geléiert haaten, nogoen bis se bei déi jeweilech Déieren ukoumen an se déi embréngen konnten (di Déieren waren aus Holz).

No deem ustrengenden Daag as et dann erem op Welwerwolz gaangen wou all Nometech dann während enger Stonn Animatioun ugebide gouf! Et as do vill



gelacht a gesongen gin!

Zréck zu Äischer, war dann e besseren Fräizäit an duerno e gudd verdingt Owesiessen um Programm! Am Owend sollt dunn e Nuetsspill gemaat gin, nemmen vun de Luerenzweiler waren der nëmmen zwee intresséiert. Also as ee Chef mat deenen zwee ob d'Nuetsspill gaangen an déi aaner Wellefcher sin an der Scheier bliwwen an sin ganz fréi ageschloof!

Dëschdes de 16. Juli

Géint 8 Auer si mer erem obgestaanen an hun eis ewéi emmer gewäsch an gestreckt! Noom Kaffi si mer an d'Zäitmaschin gaangen an sin deen Daag vun der Steenzäit an d'Reimerzäit gelannt. D'Reimerzäit huet sech zu Äischer oofgespillt.

Dee ganzen Daag sin do verschidden Aktivitéiten oofgelaaf. Eis Réimer-Wellefcher sin an 5 gläichgrouss Equipen opgedeelt gin.

Dat éischt Spill wor d'Handelsspill. Si hun dem Kaiser missen verschidden Kaddoen matbrennen. Dofir kruuten si dann e puer Suen an hun missen vun Haafen zu Haafen mat hierem Scheff Kaddoen kaafen goen, mee esou belesch ewéi méiglech.

En zweet Spill as drem gangen eng Szen obstellen, déi se dem Kaiser herno virgespillt hun.

Eng aaner Aktivitéit war Kleeder hirzstellen, fir esou vill ewéi méiglech

engem Réimer ze gleichen.

Et war natirlech och noutwennich en Amphitheater ze bauen fir de Kaiser glectlech ze machen! Den Amphitheater as aus Stréibotten hiergestallt gin.

Teschent deene Spiller gouf et d'Mettegiessen. Am Nometten gouf de Kaiser dann begrüsst an him all déi Szenen virgepillt déi am Daag geübt goufen!

(Et as och vielläicht wichtech ze soen, dass den G-D Heng bis kuerz Moien soen komm war an verschidden vun eisen Réimer-Wëllefcher him d'Hand gin hun!!!!)

Dun as et erem an d'Animatioun gaangen.

Owes noom lessen si mer erem op Wëlwerwolze gaangen well do huet en Zauberer an e Clown ob eis gewaart fir eis ze ennerhaalen an eis un d'Laachen ze brengen.

Mettwochs de 17. Juli

Deen Daag si mer méi fréi obgestaanen! Et war ongefeier 7:15 Auer. Noom wäschen a Kaffidrinken si mer an d'Zäitmaschin geklotert, déi eis an d'Ritterzäit bruecht huet. Aus der Zäitmaschin eraus si mer a Richtung Gare getreppelt fir do den Zuch ze huelen deen eis ob Buurschent gefouert huet. Do ukomm, hu mer e Bus geholl fir an d'Schlass!

Am Schlass waren dunn vill verschidden Aktivitéiten erem ugebueden fir eis Wellefcher esou richtech an d'Ambiance



vun deser Zäit ze kréien.

Ech zielen déi verschidden Aktivitéiten kuerz op:

- Hennin bastelen (Kegelhaube)
- Ritterhelm bastelen
- Schëld mat Wopen bastelen
- Kaerzen zéien
- Danzatelier
- Stelzeparcours
- Steinwurfmaschiene
- Quintana
- Jongléieren mat Dicher
- Bouschéissen
- Schleider
- Menschenkegeln
- Kampfspiller
- Grousst Memory-Spill
- Phantasierees
- Stockbrot
- Lidd sangen

No deem ustrengenden Daag, ware mer frou wou mer dunn endlech erem zu Wëlwerwolze ukoumen an do an der Aktivitéit eis konnten relaxéieren.

Noom Owesiessen hu mer dunn eng Duschaktioun gestart an all d'Wellefcher zu Äischer sin mat de Cheffen zesummen an déi gudd äisech Dusch gaangen. An duerno sin se alleguerten an de schnuckelechen Schloofsack geklomm an hun gudd geschloof.

Donneschdes den 18. Juli

Wéi schons erwähnt sin mer moies emmer fréi obgestaanen fir mat Zäiten an der Zäitmaschin ze sinn.

Du si mer dann an der "Wëlle Westen" Zäit geland.

Iwwert dee ganzen Daag as e Rally gewiecht, wou vill verschidde Stänn waren mat verschidden Aktivitéiten.

Mat aaner Gruppen hu mer eis opgedeelt a sin dann a Gruppen vun 10 Wëllefcher an e puer Cheffen dese Rally gangen. De Wee vum Rally war mat Feiler gezeechent.

Um éischten Posten waren Modeller vun Indianerheiser, an d'Wëllefcher hun missen erausfannen vun wou aus Amerika déi verschidden Heiser waren.

Um zweeten Posten hun se missen eng Lanz duech e Reef schéissen deen iwwert dem Buedem gerullt as.

Um drëtte Posten wor e Spill gemaat deen d'Eroberung vun Amerika sollt duerstellen!

Um Posten Nummer 4 huet all Wëllefchen mat engem Bou op e Modell vun engem Büffel geschoss an kruut herno e Stéck Büffelsalami

Um Posten Nummer 5 as Lacross gespillt gin.

Um 6te Posten as bei enger Baach Gold gesicht gin, an d'Wëllefcher konnten hiert schwéier gewonnen Gold och mathuelen.

Um Posten Nummer 7 hu se missen iwwer d'Rocky-Mountains goen, andeems se e wäite Wee iwwert eng Aafebreck hu missen goen.

Wéi emmer gouf et do och an der Mett vum Rally eppes guddes z'iessen.

No der Animatioun an noom Oweesiessen sin Spiller gemaat gin bei engem Lagerfeier bis spéit an d'Nuecht.

Freides de 19. Juli

Wéi emmer hu mer missen moies opstoen, nemmen dess Kéier eréischt um 9 Auer. D'Zäitmaschin huet eis dess Kéier an d'Joer 2050 bruecht. A vu datt daat an der Zukunft as, war alles aanescht. D'Kleedung, d'Coiffuren, de Schmuck ... Alles!

Och hei waren mer a kleng Gruppen agedeelt fir déi verschidden Aktivitéiten ze machen.

Et waren och hei vill verschidde Posten a fir eis d'Sach méi einfach ze machen, waren bei all Posten eng Kescht mat Ping-Pong's-Bäll dran wou op all Ball eng aaner Nummer drop stoung deen en Posten duergestallt huet. Daat schwéierst war dann nemmen nach deen Posten ze fannen!!



Et waren esou vill verschidden Posten, dass ech se net alleguerten kann opzielen. Waat awer nach wichtech ze soen as, daat as dass mer emmer erem hun missen eisen Loftreinger botzen goen. Mir kruuten am Ufank vum Daag en Loftreiniger, well eis Loft am Jöer 2050 esou knaschtech war, dass mer net méi normal konnten otmen. Noom lessen war e fräien Owend an d'Wëllefcher konnten sech ennerteneen amüseieren.

Samschdes den 20. Juli

Daat war e ganz speziellen Daag. Noom Kaffi, huet jiddereen séng Sachen gepaackt an huet eng Hand mat ugepack bei der Virbereedung vun der Kiermes.

Noom Mettesiessen war also d'Kiermes. D'Elteren sin hier Kanner op Äischer mam Spezial-Bus siche komm an sin mat hinnen iwwert d'Kiermes gangen. An all Duerf waren aaner Aktivitäten ugebueden.

Um 17 Auer war dann d'Oofschlossfeier. An dunn kouw och schon d'Heemrees, wou d'Chefen traurech zereckgeloos goufen! Mir waren all frou, dass de Camp ouni gréisser Problemer ofgelaaf war, an fréen eis alleguerten ob de nächsten Wëllefcherscamp.

Mélanie

Fuesweekend

den 9. & 10. Februar 2002 zu Colmar-Bierg

Wou mir Samschdes ukoumen, waren mer wirklich erstaunt iwwert deen neien, top-équipeierten Chalet. Den Här Hirsch huet eis Chefen och gären alles erklärt waat mer wëssen wollten. (Nierwebäi bemierkt kann emmer mol passéieren, dass e Glas futti geet, ët kann een daat roueg soen ...) Besse méi spéit sin dunn eis Wëllefcher ukomm.

Fir déi meescht war ët een vun den éischte Weekender an hierem Liewen, an dofir huet d'Installéieren, an d'Eddisoen vun den Elteren dess Kéier och besonnech laang gedauert. Irgendwann war et dunn awer sou wäit, a mir konnten mam Explo ufänken, deen de ganzen Nomëtten gedauert huet. Noom Owesiessen stoung eng Veillée iwwer Gespenster an sou Geschichten um Programm. Ech haat amfong gemengt ech hätt mech prima als Geescht verkleed (roud em d'Aan, greng Faarw am Gesiicht ...), bis een vun den Wëllëf mech gefroot huet op ech mech net geng verkleeden ...

Spéit owes hat dunn den Änder, eist Schewi, en Nuetspill organiseiert, wou d'Wëllëf hu missten Kamellen schmuggelen. Leider hat hien nët matt agereschent, wéi



gleschtereig eis Kanner och schon während dem Nuetspill sin ...

Sonndes moies hu mir sou stréien Ennersetzeren gemaach, woubäi et sech erausgestallt huet, dass daat guuuer nët sou einfach ass.

Mëttes haate mer eng prima Fuesparty, matt allem Drum und Dran, dat heescht Kichelcher, Loftbäll, Sketcher, "Pop-Stars", Dänz, etc.

Leider erënneren ech mech net méi sou richtig waat mer Sonndes owes gemach hun, mee ech mengen et war sou eng Aart Quizowend.

Méindes moies hu mir zum Leed vu verschiddenen eis Ennersetzer färdeg gemach. A Mettes no verschiddenen Spiller a Botzen, ass de Weekend och schon op en Enn gang.

Julie



JAMBALAYA 2002

Avex Camp vom 17. bis 27. Juli

1. & 2. Dag

Hier in Eschdorf ist es manchmal ganz schön. Am ersten Tag richteten wir alles auf. Am zweiten Tag morgens bauten wir alles auf. Am Mittag assen wir im großen Zelt unser Pic-nic das wir mitbrachten. Das erste Spiel was wir spielten, war ein Cocktail-Spiel. Wir wurden in Patrullen eingeteilt. Ich war bei Carole, Caroline, Dean, Alain, Marc und Sam. Wir mussten verschiedene Spiele machen um z.B. Apfelsaft in die Flasche zu schütten. Danach bekamen wir die Obstsäfte zu trinken. Zuerst mussten wir ihn mixen. Danach assen wir und blieben bis 11 Uhr auf. Mir hat das mit dem Früchte-cocktail gefallen und der Cocktail am Besuchstag.

PS: Hoffentlich wird es in den nächsten Tagen besser.

Andy Rausch

3. Dag

Morgens: Olympiade. Wir haben uns auf dem Fussballfeld versammelt und wurden in Gruppen aufgeteilt. Ich war in einer Gruppe mit: O% Jungs also: "Frauenpower"!!! Es gab 7 Spiele. Unsere Chefen hatten uns natürlich nicht Bescheid gesagt, dass wir Ersatzkleidung mitnehmen mussten, und nach ungefähr jedem 2. Spiel waren wir total durchnässt oder mit schwarzer Seife beschmiert. So angenehm war das wirklich nicht.

Am Nachmittag machten wir eine B.A. "Bonne Action". Wir haben uns wieder

aufgeteilt. Die Einen haben ein Spiel und Klettergerüst mit Glaspapier gesäubert (die Schriften entfernt und das Moos) und nachher angestrichen. Andere haben aus einer Sandkiste Unkraut gerupft und neuen Sand hineingefügt!

Julie Jacobs

4. Dag

Morgens und Mittags: Oca-Insel. Abends: Sous-camp. Vom Oca-Insel kann ich wenig erzählen, weil ich nach paar Spielen aufgehört habe. Man musste verschiedene Knicker sammeln (z.B. 1 Blaue, 1 Schwarze, 1 Weiße und 1 goldenes Ei). Wenn man alle hat, kann man z.B. mit Seilbahn fahren. Die Spiele waren im



ganzen Camp verteilt. Manche hatten witzige Namen z.B. Monsternus. Bei manchen Spielen kann man eine andere Gruppe herausfordern und 1 Knicker gewinnen (wenn man gewonnen hat und der Gegner muss 1 Murrel rausrücken) und bei den anderen Spielen gewinnt man ein paar

Murmeln (oder auch keine). Nach Oca-Island machte jeder Avex von Luerenzweiler eine Wasserschlacht. Die Schlacht dauerte sehr lange, denn es gab genug Wasser. Und am Abend Sous-camp! Leider weiss ich nicht mehr was das war. Tut mir leid.

Jil Schosseler

5. Dag

Programm: Morgens: Messe. Mittags: Besuchstag. Abends: Konzert.

Unsere Messe fand nicht wie sonst irgendeine in einer Kirche statt, sondern in einem großem Zelt. Die Messe war nicht so wie eine normale Messe, nein! Diese war viel aufregender und mit mehr Pepp. Wir beteten nicht, sondern sangen fast nur. So würde ich öfters in die Kirche gehen, wenn jede Messe so wäre. ("Fritten fir jid-dereen!!").

Nach dem Essen bereiteten wir die Sachen für den Besuch vor. Dann als unsere Eltern ankamen, war alles bereit. Wir, also die Lorentzweiler, haben Spieße mit Obst, mit Schokolade verpackt und Drinks gemischt. Natürlich war alles umsonst. Jedes Dorf hatte etwas zum Essen gemacht oder Spiele vorbereitet. Auf jeden Fall gab es viel zu sehen und es gab einen guten Grund dorthin zu gehen.

Abends dann war ein Konzert. Ein paar Eltern waren noch geblieben. Es spielten die "Déserteurs" und noch irgend eine Gruppe dessen Namen ich leider nicht mehr weiß.

Charel

6. Dag

Gegen 10 Uhr morgens standen wir auf und hatten den Ravi verpasst, doch irgendwie kriegten wir dann auch noch was zu essen. Wir hatten freien Tag. Wir konnten machen was wir wollten. Wir sollten ins

Schwimmbad gehen. Doch da verpassten wir den ersten Bus, weil ein paar noch nicht da waren. Im Bus kurz vor Ettelbruck hat Jil auf Bens Rucksack gekotzt. Wir nahmen den Zug nach Wolz. Dort suchten wir das Schwimmbad. Doch irgendwann gaben wir



die Suche auf und sassen uns an einen Fluss. Dort assen wir etwas. Dann konnten wir dort bleiben oder noch bummeln gehen. Zurück auf dem Camp spielten wir noch Volleyball. Wir haben nicht ein einziges Spiel gewonnen. Dann gab es was zu essen. Danach liefen wir noch herum und gingen ins Bett.

Mich

7. Dag

Moies: Atelier. Mettes: Challenge Valley. Owes Souscamp

Majo moies si mer mol opgestaan an hu gebufft. Mir haaten nët immens vill Zäit, well dun hu mer ons séier missten bei daat grousst Zelt fëcksen an nach séier tauschen fir Seidemolerei, an du konnte mer eis ameséieren. Mir sin an 2 gedeelt gin, déi eng hu Fichi'en gemolt an déi aner Frendschaftsbänn gemach. D'Fichi'en sin 10 Min. gekacht gin an du konnte mer eis amuséieren se erem vun all de Knied ze befreien, fir en ze drechnen hu mer dun de Föhn geholl. Wéi mer färdeg waren, konnte mer zrëck op d'Campplaaaz goen :. Jo jo, an

du gouf et eppes ze buffen 9 daat war net sou gudd.

Mettes: Jo jo, dorun kann ech mech nach gudd erënneren (well mir also déi Grupp wou ech dra war mam Catherine, haate bessiiiiii gefuddelt). Mir hun déi Symboler mat deenen aneren getosch a jiddereen war schéin voller Bulli ausser onser Grupp a wou d'Coco (Conny) an Tammy daat gefuer gouden, waren si bessi vill roose mat ons (daat war deen aneren Dag awer schon erëm vergiess). Tja, an sou gouf ons Patrull 1. bei dem Spill.

Owes do haate mer Sous-camp, mee sorry kéng Ahnung waat mer do gemeet hun, ech mengen daat mat de Sketcher, mee si mer nët méi secher !!!

Anouk Wiltgen



8. Dag

Majo lo heescht et Rucksack op de Réck a fort! Mir gouden a Gruppen agedeelt, wéi mer missten um Hike goen. Ech war mam Carole, Moies krutte mer eng Kaart an de Grapp gedréckt (nach e puer Koordinaten sichen) an dunn ass et lass gang. Mir haaten eis e puer Mol verrannt, wéi mer awer och nach beim "Camping Aal" ukomm waren, ware mer jo ganz falsch (wou och dem Anouk, Charel, Mich, ... seng Grupp war!). Du goufe mer en anere Wee geschéckt. Du ware mer och nach sou

domm an haaten en Emwee vun 3 km gemaach 9. Wéi mer ukomm waren, nodeems mer d'halschent vun eiser Grupp verluer haaten, krute mer och schons MEGA gemeckert. "Wéi sin d'Reegelen???" 7? 7 'EMMER ZESUMME BLEIWEN!!! Jo Jo!! Dunn gouf et ze buffen. Et war Nudelszalot mat Brout!! Dunn gouf nach bessi schéiß gemaach. (waat déi aner wuel gemach hun??) Owes gouf dunn ennert enger Batsch ennert dem Stärenhimmel gepennt! Gudd Nuecht.

Conny

9. Dag

Gaaaps. Moies um 7 Auer opstoen ass net schéin, wann een 1. net vill geschloof huet an 2. nach vill goen muss 9. Also jo... den Hike ass also den Dag drop scho fréi moies nés wéider gang. Nach eng Baguette geschmiert fir ënnerwee, eng Schmier giess, de Bidon gefëllt a weider ass et gang! An du si mer nés zréck op Eschduerf op eis Campplaaz getreppelt. Bon... getreppelt kann een et zwar och nët méi nennen, well mir hun eis éischer dohinner geschleeft. Spéitstens géint halwer 2 woren awer all Patrullen vun dem coolsten Souscamp "OU AVEK MI" nés zu Eschduerf op der richteger Plaaz.

Mettes ware mir dun schwammen, mee leider Jongen a Meedercher getrennt. D'Jongen woren all op Miersch an d'Meedercher op Dikkrech. Wéi mir dun nés op eiser Campplaaz waren si mir nach schnell mat eisem Weenchen an de Ravi gerannt, mir hun eppes gekacht, giess an duerno haate mir mol Fräizäit; de ganzen Owend laang relaxen a besse Schaiss bauen. Jo, mee iergendwann si mer dun nés zréckgeruff gin a mir hun missen schlofe goen. Gudd Nuecht.

Catherine

10. Dag

Dësen Dag waren d'Conny an d'Anouk scho nët méi dabei. Si sin schon nés an d'Vakanz gang!

Oh, wéi midd. Mir géifen jo bestëmmt nach gär pennen, mee mir wellen awer beweisen, dass mir Scouten sin. Um 7. Auer get sech dann FECKS ugedoen, de Weenche geholl an an de Ravi gedüst. Mmmh lecker, wéi all Dag Nutella :. Da fänkt et och schon un mat deene "coolsten Aktivitéiten" vum Sous-camp. Mir haaten d'Wiel, fir an d'Kärzefabrik, SEO....(fräiwelleg gezwongen). Et war nët sou cool, mee et soll ee jo nët ëmmer: mecker, mecker, mecker. Nët wéi mir daat ëmmer sou maachen. Mol rem nés lessen. Mir hun eis awer mat HONGER drop gefreed. Et gouf Fësch, deen nawell ganz gudd war, just bessi versalzt. Dun no dem Mettegiessen haate mir Aktivitéiten, wou d'Cättchen an ech orientaleschen Danz gezun haaten, wéi sexy. Hätt ech nëmme gewosst, dass et op daat Lidd vun deem blöde Shakira wär, dann! Haha, et waren och nach sou Atelierien do, wéi Foto, Klammen, Seidemolerei, Mosaikspigge, Draach beim Ben bastelen asw.! Wéi mir heimadder färdeg waren, konnte mir bessi sou maan, waat mer wollten, wéi gesoot, do kennt bei eis secher, doutsecher näischt ganz Gescheites dobei eraus. Owes dun war och schon leider eis Oofschlossvéillée, wou mir d'Eier haaten, nés op der Jamba-



Bühn ze sangen: "Mir sin zesummen a mir hu Freed....!! Blablabla", esou lues nervt daat Lidd och nawell schon. Obwuel mir mega traureg waren, dass e mega coolen Camp vun 10 Deeg eriwwer war. Pintsch.. Trotzdeem: J A M B A L A Y A.

PS: Ech fann awer dass eis Cheffen mega fein, relax, cool mat eis waren, well wéi mir eis heiansdo opgefouert hun, naja !!

Tammy

Leschten Dag

De läschten Dag si mer frai opgestaan, extra fir eis Campplaaaz oofzeriichten. Mir haaten eis ugedoen, dunn ass et scho lass gang mat oofriichten. Jiddereen huet sech géigensäiteg gehollef. Mëttes si mer iesse gang. Als mir beim Ravi ukomm sin, war eng riesegrouss Schlaang vu Menschen virun dem Thüringerstand. D'Erny ass eis dun eist lessen siche gaangen. Dun ass et wéidergaangen mat Oofriichten. Sou am Nomëtteg krute mer eng Glace, well et sou waarm war. Duerno ass nach laang diskutéiert gin wéi mir Avex heem kommen. Du si mer opgedeelt gin a verschidden Autoën, a sin dun an de Foyer gefouert gin, wou eis Elteren eis siche komm sin. Ech hu wahrscheinlech eppes vergiess, mee ech ka mech net méi erënneren!

Carole



No deenen éischten Versammlungen sollt et dann lo eescht gin! De Montées Weekend steet um Programm.

Dest Joer haaten mer eis eng extra schéin Plaaetz eraus gesicht, an zwar d'Schlass zu Huelmes! Do ukomm as et och schon direkt mam Programm lass gaang an déi éischt hun hir Montée gemaach. Zu där selwechter Zäit si mir aanerer, also déi, déi d'Montée dest Joer net gemach hun, op d'Joyeuse Entrée op Miersch gaang. Do hu mir e puer Spiller vir d'Kanner mat deenen aaneren Scouten aus dem Kanton Miersch opgebaut. De Grandduc koom dunn héchst perséinlech laanscht an huet sech déi Saach do mol méi genau ugekuckt. No engem gudde Patt si mer erem zreck an eisen Chalet gefuer fir zu Owend z'iessen.

Méi spéit am Owend as dunn déi berühmten Montées-Weekend-Veillée ugaangen, an well eist Thema vum WE dest Joer Ritter war, huet d'Veillée natiirlech och dovun

gehandelt. A wei all Joer war se rem geeeenaal! Also ween sou een Owend net eng Kéier matgemaach huet, deen huet définitif eng verpasst! Ma et as dorem gaang dass eng superléif Prinzessin (an dessem Fall d'Marianne) vun engem béisen Draach entfouert gouf. De Kinnege an d'Kinnigin (gespillt vun eiselem Ander an eiselem Melanie) hun dorops hin natiirlech deen couragéiersten an stärksten Ritter (natiirlech de Fränk) geruff fir déi arem Prinzessin aus där messlecher Laag ze retten. Nodeems mer dann alleguer zu der Rettungaktioun bäi gedroen hun, konnt eis Prinzesschen dunn endlech befreit gin. Den tapferen Ritter huet si dunn em hir hand gefroot, an déi zwee hun sech no enger wonnerscheiner an romantischer Zeremonie (ech stin hei ... ze stoen ;)) endlech deen laangerseenten Kuss kennen gin.

No deser spannender Veillée sin awer och schon déi meescht dout an d'Bett gefall, ausser eis zukünfteg Raro, well déi hun den leschten Deel vun hierer Montée nach misen färdeg man! Wei si dun och endlech rem zreck koumen, soutzen mer nach bessen do ze poteren an sin awer och een no deem aaneren an eis d'Bettchen gaangen! Fir dass mer och fit fir deen 2. Daag waren!


Moies fréi op, si mer an d'Jugendherberge Kaffi drenken gaangen.



Dono stoung endlech och d'Carapio Montée um Programm! Eis zwee Kandidaten (d'Sarah an de Pol) hu missten duerch de Besch op eng Plaaetz fannen, wou si dunn beim richtegen Deel vun deem ganzen ukomm sin. Dest war am Mellerdall, wou lauter sou Actionspiller opgeriicht waren, wéi zum Beispill Aafebrecken a Streckleederen! Daat ganzt war op enger Héicht vun ongeféier 8 Meter. Wéi der iech lo wahrscheinlech denkt hun déi zwee misse desen "Parcours" bewältegen, wat fir eist Sarah guer net sou einfach war, well hatt Höhenangst huet! Natiirlech hun se et awer allen zwee gepackt! Also CHAPEAU well et war wirklech net einfach.

Op deser Plaaetz hu mer dunn och zu Metteg g'ieess (Gegrills mat leckeren Zaloten!).

Géint 4 Auer si mer erem an de Chalet zréck



gaangen, an hun sou lues ugafaangen mat raumen an botzen!

Um 6 Auer sin d'Elteren dunn d'Kanner siche komm, an et war erem een super WE eriwer! Majo dann, fréer mer eis schon op deem nächsten!

Renée

Thüriger-Verkaafen

beim Cactus zu Bereldeng

Vir e besse Geld fir eise Camp (deen awer leider net stattfonnt huet) eran ze kreien, hu mer eis geduecht mer gifen beim Cactus Thüringer a Mettwurstchen verkaafen.

Moies um halwer 10 hu mer eis beim Foyer getraff an hun alles an dem Fränk seng Camionette gelueden (dobäi war ennert aanerem e Frigo, weinst deem mer d'Dier vum Auto net zou kruten). Endlech beim Cactus ukomm hu mer eis do installéiert an och schon direkt de Grill ugeschmass. Geint halwer 11 sin dei éischt Leit bei eis ee Wupp kaafen komm.

Mir kruten och vill Besuch vun aaneren Scouten -> Merci!

Deen Daag hun mer es wirklech super amüseiert an hun ee no deem aaneren Lidd komponiert (Thüringer, Thüringer ...) an hun eis am ganzen Cactus bekannt gemaach. An eise Kolleg deen och do sou Saachen verkaaf huet, huet eis souguer och eng Portioun vun sengen Baignéen geschenkt (awer eriecht nodeems en een Thüringer vun eis krut). Wei de Cactus dunn Feierowend haat hu mer och rem eist Geschiir agepaak an hun eis erem Richtung Foyer gemaach. Do hun mer nach d'Griller gebotz an sin dunn heem gaangen!

Obwuel mer deen ganzen Daag (schwéier) geschafft hun, war et wierklech meeega Cool an mer hun mat spilles eis Kees opgebessert!!!

Renée



Tour du Mont Blanc

Schwaiz - Italien - Frankraich

Raro (Ander)

vum 01.08 bis de 15.08.2002

Vum S.A.F.A.B lanciert, an no e puer Virbereedungsversammlungen an Weekender, déi iwwert ganz Joer verspreecht waren, ass et dann endlech lassgaangen.

Um 00:00 Auer hun mer eis (eng Ekip vum 10 Motivierter aus dem ganzen Land) op der Aire de Berchem getraff, vu wou mer dun matt zwou Camionnetten a Richtung Orsière (Schwaiz) gerannt sin. Do sin mer dann no e puer Kaffispausen sou géint 10 Auer ukomm. Vun Orsière aus ass dun nach op Ferret gaang, wou et dann zu Fouss weidergaangen ass. Nach Brout kaaf, den Ravi opgedeelt an Wanderstöckli ajustiert ier et geheescht huet "Der Berg ruft".

No deenen éischten Meteren déi et eropgaangen ass konnten mer schon eis Poncho'en an Reenjacketten auspaacken, well wéi sou zimlech iwwerall huet et och hei gereent an daat net ze knapps. Ennert engem Baam hun mer Mëtteg gemaach a gehofft datt et sollt opklären mee daat war reng Utopie well mer stoungen matzen an enger Wollek. Sou géint 14 Auer sin mer dun laanscht een Alpage komm, wou mer eis matt engem warmen Kaffi wollten stärken, mee dun hun mer dach net déi Stréibotten gesin doleien. Zimlech schnell war dann décideiert datt mer eis éischt Nuecht géingen hei verbréngen. Wei gesoot hun mer nach e Kaffi gedronk, an et ass an d'Heia gaangen. Um 14:30 louchen mer dun alleguerten am Strei ze pennen (et war eng ustrengend Rees!).

Um 17:00 huet den Hunger eis awer gedriwwen iergendeppes z'iessen. Wéi mer dun eis Spaghetteria eran haaten si mer nach

een oder och zwee Vin chaud drénken gaangen an zack an den Schloofsaak, et muss een jo schliesslech fréi opstoen!

Um 6:00 Auer huet den Wecker gerabbelt, vill zevill fréi. Haut ass eisen éischten richtegen Daag wou mer nëmme trëppelen. Nom Kaffidrinken an Apaaken kruut mer nach déi kléng Kéiserei gewisen. De Bauer huet eis alles erklärt. Kurz drop waren mer och schons ënnerwee. Et ass déi ganzen Zait biergopgaang, bis mer endlech um Grand Col Ferret (2156m) passéiert sin, deen och gleichzäiteg d'Grenz tèschent der Schwaiz an Italien mecht. Eng Foto huet missen sin, och wann et gudd gebloosen. Déi Meteren déi mer eropgaangen sin hun mer erem missen eroof goen, an daat ass an d'Knéien gaang. Op engem Refuge hun mer dun Mëtteg gemaach an dee wonnerbaren Panorama genoss. Vue op e Gletscher! Wéi mer dun weider an den Dall eroffkomm sin hun mer no enger Schloofplatz gesicht awer net direkt fonnt well mer sin nach bis 19.00 ronderem gehirscht ier mer eis Zelter iergendwou an der Pampa opgeriicht hun. Owes ass et stellt ierch emol fiir Spaghetteria gin awer keng matt wasser Zooss mee matt roudel! ;-) (sin keen groussen Fan vum Nuddelen) Owes sin mer dun nach bis eroof an Duerf een huelen gerannt. An engems hun mer dun nach 2 Fläschchen Wäin kaaf, deen mer dun mattgehall hun fiir Owes ze genéissen. Well et den ganzen Daag nach net gereent haat, huet et doviir awer Owes ugefaangen, an net mei opgehaal bis Moies.

Moies get een dann sou schein aus dem Schloof gerappt, wann een nierft sech dann daat Handygebimmels (Wecker) heiert. An et mierkt een wéi schief een d'Zelt opgerichtet, Carrymatt léit net méi ënnert engem, besser gesoot et ass eroof gerutscht. Dann heescht et opstoen, Zelter oofrappen, Kaffi drénken, de Rucksack op d'Schëller an weider. Um 8:30 hun mer dun op engem Refuge nach een gudden warmen Schocki gedronk an sech seier eng Kéier gewäsch. Et ass eng gudd Zaitchen riicht gaang vu que datt mer an een Dall eragaangen sin. Just virun engem Col hun mer Mëtteg gemaach. Mee mer waren nach net ganz färdeg matt iessen wéi mer dun dei éischt Drëpsen gespuert hun. Dun huet et geheescht séier alles apaaken an weider goen. Um Col (et war keen extra groussen, ass eis de Reen nëmmen sou an d'Gesicht gepeitscht, an no 5 Minutten och an d'Schong gelaaf. An daat ass net esou ideal!) Wéi mer dun um rutscheg'en Buedem a Bulli eroofgeschlach sin et ass net méi séier gaangen, hun mer dun och endlech een aalen Alpage fonnt wou mer eis konnten ënnerstellen. Lues a lues huet et dun awer opgeklärt sou datt mer Zelter séier opgeriicht hun an eis Saachen konnten drëschnen. Vu que datt mer schon den 3. Daag ënnerwee waren an mer eis net méi sou frësch gespuert hun, si mer dun an d'Gletscherbaach gesprongen an hun eis gewäsch. Et war kaal mee herno huet een sech awer besser gespiert. Owes ass et Zopp an Reis carbonara gin an natiirlech hun mer den Wäin geknackt deen mer mattgeschleeft hun. An wéi schons dei Deeg virdrun kënnt den Mann mam Hummer sou géint 21:00. Dann get sech an den Schloofsaak getesselt a geschloof. Matt dem Schloof huet net laang gedauert well en Donnerwieder opgzun ass an sech iergendwéi am Krees gedréiht huet sou datt mer déi grouss Chance haaten daat Ganzt 3 mol z'erliewen.

Eist Ziel haut ass Courmoyeur (Italien), daat heescht ongefeier 1300 Héischtenmeter déi mer müssen erop an eroof trëppelen. Nodeems de Niwwel sech verzunn haat konnten mer den Col Testa Bernarda maachen, soss hätten mer missten ganz ronderem goen, waat méi laang gedauert hätt. Wéi mer um Col (2534m) ukomm sin huet ugefaangen matt ... reenen, waat soss. Mir waren awer all motivéiert well mer wossten et get een Bett an eng Dusch zu Courmayeur. Den Tom haat gewëssen Problemer matt der Héischt sou datt deen direkt weider gaangen ass. Et huet weider gereent bis mer ënnen an der Staatsd were, wou mer eis an een Café gerett hun. No e bëssen hin an hier hun mer dun eng Pensioun matt engem * (Stär) fonnt. Mee als groussen Luxus war eng anstänneg Toilette do! Nodeems all Mensch an der Dusch



passéiert war, an eisen Ravi opgestockt haaten ass et dun lessen gaangen. An engem sympatheschen Restaurant hun mer eis dun de Bauch vollgeschloen: Entrée (à volonté), eng Fondue an nach een Capuccino. An daat Bescht zum Schluss een Digestif offert par la maison an zwar kruuten mer d'Fläschchen op den Dësch gestallt sou datt mer am Selfservice waren. An als Dessert nach eng escht italienesch Glace. An dun matt vollem Moo an d'Bett!

Frësch an ausgeschloof ass moies um 7

Auer Kaffi gin. Ier et dun lass gaangen ass war eng Partie Sonnecrème um Programm; d'Sonn huet nämlech geschéngt, emol eppes Neits! Et ass nëmmen eropgaang an daat an der praller Sonn. Daat ass guer net esou einfach, mee wéi mer no enger 5 Stonnen Montée uewen op engem Refuge ukomm sin, huet et sech awer gelount: eng wonnerbar Vue eroof an den Dall. No enger gudder Cola an engem deftegen Mettegiessen ass et och erem Zait gin fiir weider ze trëppelen.

Iwwert den Col Chécroui ass et laanscht de Bierg nach weider erop op d'Alpe supérieure de l'Arpage vieille gaang, wou mer ee klengen Stop ageluecht hun fiir eis Poncho'en nach eng Keier op hier Waasserresistenz ze testen.

Um Alpage konnten mer leider net bleiwen sou datt mer nach weider eroofgaangen sin, an daat am Schloreen. Ennen beim Lac du Miage hun mer nach eng halwer Stonn misten warden fiir eis Zelter kennen einijer Moossen drëschen op zerichten. Mee et



huet net laang gedauert an et huet erem ugefangen matt schëdden. De Catering an d'Logistikk vum Kichenzelt hun awer wonnerbar geklappt sou daat jiddfereen am Zelt konnt iessen. Um Menu stoungen eng Zopp an dun nach Penne arabiata. Nodeems mer giess haaten, hun mer kurzer Hand décideiert d'Spull op Moies ze verléen! Et huet och net méi laang gedauert bis all Mensch sech an den Schloofsaak geluecht

huet an probéiert huet ze schloofen waat net esou evident war well mer haaten e puer Donnerwieder.

Moies oh wunder haaten mer eng Stënnchen keen Reen sou datt mer eis Zelter e bëssen drëschen konnten. Noom Kaffi sin mer awer nach deen Séi kucken gaangen, en ass net allzegrouss mee awer duerfiir gudd kaal. (et ass Gletscherwaasser an d'Eisstécker schwammen nach drop) No dëser kuerzer awer flotter Visite ass dun och weider gaangen, mir hun eis färdeg gemaach fiir weider ze trëppelen an et sin och erem méi Wolleken opkomm. Mer waren knapps 10 min ënnerwee wéi et och schon erem ugefaangen huet matt reenen. An de Wee war esou laang bis mer an deen nächsten Refuge kommen. Matt naassen Féiss an Been si mer an de Refuge e gud-den Schocki drénken an e Stéck Kuch iessen gaangen. Et waren nach e puer Gruppen ënnerwee dei och druseduecht hun fiir eng Paus ze maachen, sou daat et matt Zäiten e bëssen méi énk dobannen war. Nodeems sech nach all Mensch e bëssen méi liicht gemaach huet (Toilette, waat och wichtig ass) sin hun mer erem eis naass Schong ugedoen an et ass weider gaangen. Virun eis louch nach de Col de la Seigne (2516m) an daat am Reen. Mëtteg hun mer an engem aalen zerfallenen Refuge gemaach. An dun ass och nach d'Sonn erauskomm, awer net fiir laang ënnerwee sin mer erem naass gin. Uewen um Col ukomm hun mer nach séier eng Photo gemaach a schons ass et weider gaangen, et war zimlech wandeg an e bëssen Niwwel war och do.

Et ass nëmmen nach biergof gaangen an de Wee huet einfach keen Enn kritt. De Refuge huet een schon gesinn, mee bis dohin hun sech d'Serpentinen nëmmen nach méi laang gezunn. Wéi mer dun no e puer Stonnen donidden waren, si mer direkt an d'Bett gefall. (Bett (Stréi) ass gudd gesoot et war nämlech e "Massenlager" wou sou em

dei 80 Leit an engem emfonktioneierten Stall geschloof hun. An dann deen Geroch, einfach onbeschreiblech!)

No e bëssen Raschten an Wäschen sin mer



dun géint 19 Auer iessen gaangen. Den Uewen am lesssall haat gudden Andrang, d'Schong stoungen an hounge zu honnerten ronderem. Et gouf eng Zopp an dann Goulasch matt Gemeis a Reis an als Dessert eng Crème caramel. Mir hun all kéiers déi duebelt Ratioun giess sou datt all Mensch matt vollem Moo schloofen gaangen ass. Et huet och net laang gedauert, dun huet een déi Eischt schon schnarschen heieren.

De Moien war erem Stress ugesoot net vun eiser Sait mee si hätten eis gären aus dem Refuge gehaat. Trotzdeem hun mer gemittlech Kaffi gedronk ier et dun lassgaangen ass. Verdéischt ass et eroof an d'Ville des Glaciers gaangen (am ganzen sin et awer nemmen 3 Häiser !), wou den Tom sech décideiert huet een Daag Paus anzeléen, dem sech dann och d'Frutz an d'Nadine ugeschloss hun. Si hun dun de Bus bis eroof op les Chapieux geholl fiir vun do aus op Contamines ze fueren an do op eis waren. De Rescht ass weider gaangen an huet den nächsten Bierg an Ugreff geholl. D'Wieder haat sech gehaalen bis mer eis installéiert haaten fiir z'iessen, wou mer dun déi éischt Drëpsen gespuert hun. Nodeems mer giess haaten ass et weider gaangen, an

zwar haaten mer eng Montée virun eis déi et a sech haat. Jiddereen war frou wéi mer dun uewen am Schnéi stoungen (Col des Fours 2716m). Et ass weider gaangen bis bei den Refuge Croix du Bonhomme, wou mer eis Schong drëschen konnten an e Schocki genoss hun. All ze laang konnten mer net bleiwen well mer haaten nach e gudd Stéck virun eis. Durch eng Supp vun Wee ass et weidergaangen bis mer endlech eis Schloofplaat erbléckst haaten. Bei engem klengen Chalet hun mer eis dun endgültig fiir d'Nuecht ageriicht. Mir hun eis Saachen erausgehaangen fiir déi lescht Sonnenstrahlen ze notzen fiir eis Saachen drëschen ze kréien. Wéi mer daat dun alles erledegt haaten, hun mer eis nach e bëssen gerascht iert sech déi Eischt un d'Kachen gin hun. Verdéischt hun mer eis emol een Apéritif gegönnt an zwar eng Fläsch Wäin di mer mattgeschleeft hun. Als Entrée ass et e Bouillon gin an als Hauptplat Nuddelen al Pesto, well mer nëmme zu 7 waren hun mer ellen missen kämpfen fiir déi all fort ze kréien (ech mengen et waren 3.5 kg Nuddelen). Nom lessen an Spullen hun mer



eis am eiskalen Gletscherwaasser gewäsch, ier mer dun um 20:30 an d'Bett gefall sin.

Moies, et war eiskal, sin mer fréi aus den Zelter gekroch. Et war keng eenzeg Wollek ze gesin an d'Sonn huet sech lues a lues iwwert d'Bierger getraut. No bëssen

Gedessems wou mer sollten Kaffi drénken, op op der Schloofplaatz oder am Refuge e gudd Steck méi énnen, hun mer Brout nees ausgepaak an hun Kaffi gedronk. Am Fong war et och besser well et trëppelt sech zimlech schlecht wann een naischt giess huet. Fiir erof op den Refuge war et e bëssen méi



spannend, well ech main Knéi erem gespuert hun, mee deen huet sech awer gepackt sou datt ech awer ouni gréisser Schwieregkeeten konnt weidergoen. Ennen beim Refuge hun mer kurz vun der Toilette profitéiert an hun d'Bidon'en opgefëllt. E Steck weider beim Nant Borrant (1392m) hun dun nach e klengen Special ageluecht an mer sin nach bis erop bis op Tête Noire (1972m) gekrackselt. Ier et dun weider op Contamines-Montjoie (1164m) gaangen ass. Mee verdéischt hun mer awer vun der herrlechen Vue an Sonn profitéiert an hun do Mëtteg gemaach. Sou daat mer frësch gestärkt konnten eis Descente an Ugref huelen, an dann pünktlech! den Tom, d'Nadine an d'Frutz zu Contamines treffen. Déi Dräi haaten e gemittlechen Daag hanert sech; den Tom haat éischer déi relax Variant geholl an huet sech op enger Terrasse néier gelooss, déi aaner zwee waren méi aktiv an sin schwammen gaangen. Mee daat haat awer net esou geklappt. Wéi si eis dun awer fonnt haaten, ass d'Ravisekipp nach akaafen gaangen, déi aaner sin schon an den Refuge getrëppelt an hun sech ageriicht. Fiir bei de

Chalet ze kommen huet een missen laanscht eng Laverie goen, an do konnt de Georges net widderstoen an stoung 5 Minutten drop matt sengem ganzen Rucksack do. An engems huet hien e sympatheschen Restaurant fonnt an huet do ganz spontan en Desch reserveiert. Owes hun mer wirklech gudd giess (e Stéck Fleisch!). Wéi déi Eischt dun heem gaangen sin konnten verschidden aanerer sech Gleenheet net entgoen loosse fiir an d'Duerfdisco een huelen ze goen. Mee ier et sou richtig amusant gin wär sin mer awer gaangen, well soss wäeren mer den Daag drop néierens méi getrëppelt.

Moies no enger méi oder manner mouvementierter Nuecht an no engem Kaffi hun mer eis erem eisen Rucksack gepaak. De Georges war nach séier an d'Laverie seng Saachen sichen. Ier mer dun e Stéck deen selwechten Wee zrëck getrëppelt sin fiir awer dann weider op de Chalet du Truc weider ze goen. Et war e gemittlechen Tour bis mer erof bei Chalets de Miage komm sin. Ennerwee haat ech mech awer eng keier onfräiwëlleg op den Réck geluecht matt deem Geschéck datt ech den Rucksack voller Bulli haat. Am Dierfchen waat emmerhin eng Kierch haat, hun mer Mëtteg gemaach. Well den Col de Tricot (2120m) voller Niwwel houg hun mer décideiert ronderem de Bierg ze trëppelen. De Wee ronderem war vläicht e bëssen méi laang mee duerfiir awer net manner flott. Eist Ziel war haut den Col de Voza, mee fiir dohin hun mer awer nach e bëssen missen op d'Zänn bëssen. Et huet ugefaangen matt reenen an den Wee huet einfach keen Enn fonnt. Frou wéi mer do uewen waren huet et geheescht wou schloofen mer. Waat ausgesin huet wéi e groussen Hotel, an wou mer gehofft haaten mer kéinten bei hinnen an der Wiss d'Zelter opriichten oder souguer am Keller schloofen, war vun enger franséischer Association opkaaf gin. Et war nämlech en Erhuelungszentrum fiir

Staatsbeamten matt hieren Familien, an domadder sin eis Chancen och mei kléng gin. Sou datt mer eis eng aaner hun missten sichen. An daat war just virun de Schinnen, wéi mer endlech d'Zelter oppgeriicht haaten sin mer an den "Hotel" een Patt huelen gaangen. Dun sin mer eis eppes kachen gaangen, an dann sin mer nech een Digestif an hieren Bar huelen gaangen. Bis se zougemaach hun an eis nach op hier Party inviteiert hun, wou mer awer net laang bliwwen sin (sou em dei 5 min!). Mir haaten awer nach net genuch an hun dun nach eng Drépp geknackt, ier mer eis awer an de Schloofsaak gehait hun!

Op de Sonndech fueren den Lucai an den Jan heem sou wéi daat geplangt war. Si hun den Mont Blanc Express bis op St. Gervais geholl an vun do aus ass et mam Zuch bis op Orsière gaang, wou eis Camionnetten nach emmer stoungen. Well an der Camionette nach eng Plaaz fräi war huet den Tom Geléenheet genotzt an ass matt deenen Zweek gefuer. De Rescht vun huet d'Saachen zesummen gepaak an ass eroof op les Houches getrëppelt, wou mer dann och Mëttes iessen waren. Mir hun décideiert den Bus bis op Chamonix ze huelen a vun



do aus matt der Gondel op la Flégère erop ze fueren. De Bus haat emol gudd Verspéidung, sou datt mer zu Chamonix manner Zäit haaten fiir akaafen ze goen. An daat ass och just opgaangen well mer




kruuten dei 2. lescht Gondel fiir erop. Den Chalet huet vun baussen schon net schlecht ausgesin an vun bannen nach besser. Well d'Hallefpensioun ze deier war hun mer dann alt eisen Kocher um Dësch am lessraum oppgeriicht. Dei Däitsch niewt eis hun gemengt daat géing et bei hinnen net gin, sou einfach "mit offener Flamme" um Dësch ze kachen. Mir hun eis awer net weider drun steieren geloss, och wann d'Leit heiandsdo komesch gekuckt hun. Ereischt wéi en intensiven Kaabesgeroch durch den Chalet gezun ass sin awer e puer Remarques komm. Nujee mir hun gudd giess an dun och eis Myrtilles Drépp opgemaach. Mer hun nach e Kaffi gedronk an sin den Wee vum Daag drop eng Kéier durchgaangen. Matt Zäiten luchen mer dun och am Bett.

Moies sin mer förmlech erausgekiert gin, mer waren e bëssen spéit un, sou datt mer déi Lescht waren déi gaangen sin. D'Wolleken hungen zimlech déif an den Niwwel wollt sech net esou richtig opléisen. Et huet éischer ausgesin wéi wa mer an Schottland wäeren, well et sou fischt an naass war. D'Schnéigrenz war an der Nuecht op 1800m gefall, an daat huet een och gesin d'Spëtzten ronderem een war méi weiss wéi den Daag virun. Et war een zimlechen einfachen Wee sou datt mer ouni gréisser Schwieeregkeeten zu Montroc ukomm sin. Wou mer dann och een flotten an gudden Gite fonnt hun. Schnell war

décideiert datt mer géingen do bleiwen. Owes soutzen mer dun am Séparé an kruuten nëmmen esou opgedëscht, verdéischicht een hausgemaachten Gratin, niewt dem Plat krut nach jiddereen e Pichet Wäin. Noom engem klengen Kaffi hun mer eis dun och op d'Ouer geluet.

Moies einfach herrlech, d'Sonn huet geschéngt bloen Himmel, waat wëllt een mei. Um Kaffisdësch stoung alles waat een wollt Orangejus, Muesli, Kornflakes an nach lauter gudd Saachen. Et war einfach richtig gudd. No deem gudden Kaffi war mer genuch gestärkt fiir kënnen ze trëppelen. Et war einfach herrlech d'Bierger huet een gesin an an den Gletscheren huet sech d'Sonn reflektéiert (vläit e bëssen iwverdriwwen, awer baal!). Et wusst net wou een den Fotoapparat sollt drophaalen. Et ass weider eropgaangen op d'Aguillette des Posettes, an vun do aus hun mer verdéischt an ganz ouni Wollek den Mont Blanc gesin. Natirlech hun mer do Mëtteg gemaach sou datt mer deen Ubléck nach e bëssen genéissen konnten. Weider ass et gaangen an Richtung Schwäiz, méi genau op de Col



de Balme, wou mer eis nach gestärkt hun. Mee do wollten mer einfach net bleiwen éischens de Refuge war ruppeg an d'Madame granzeg an daat wollten mer eis net undoen. Also sin mer nach weidergaangen, eigentlech haaten mer geduecht geschwenn op den Refuge vun der

Schwäizer Bergwacht ze kommen, mee deen huet nach op sech warden gelooss. Sou datt mer nach eng Zaitchen getrëppelt sin. Endlech ukomm hun mer et eis am



Schapp gemittlech gemaach. Owes ass et schéi kaal gin, mee daat konnten mer awer dun nach matt eiser Myrtilles'en ausgläichen, dobai hun mer d'Alpenglühen (daat ass wann d'Bierger duerch déi leschten Sonnestralen rosa gin) genoss. E bëssen drop louchen mer dun awer och am Bett.

Moies no engem gudden warmen Téi oder Kaffi ass een sou lues op Touren komm, an huet een dru geduecht fiir d'Sonnecrème auszepaaken. Et huet aus gesin wéi wann et en super Daag géing gin. Vum Wieder hier war daat och de Fall, mee matt eiser Leeschtung konnt een net esou richtig zefridden sin. Iergendwei war et ganz blöd gaangen: mir hun fiir 200m ëmmerhin 2 Stonnen gebraucht. (Mir sin op der Plaat hin an hier gelaaf well mir wollten iwwert de Floss mee et war kéng Bréck do). Bis mer dun op d'Iddi komm sin fiir emzedréien well do war dach nach déi Diir!! Jo bei der Diir ukomm hun mer se mol opgemaach an sin deem Wee do nogaangen an no 5 Minutten sin eis och Leit entgéint komm. Déi Diir war just gudd fiir d'Schoof an der Persch ze haalen! Matt deem ganzen Gedeessens haaten mer eisen Programm op d'Kopp gehait. Sou datt mer op de Col de Forclaz

getrëppelt sin, wou Nadine dann och den Bus konnt huelen fiir op Champex. Waat ganz praktesch war well et konnt dun d'Camionnette vun Orsière op Champex bréngen. Wéi d'Nadine du fort war an mer eis nach eng leschte Keier matt Ravi agedeckt haaten, sin mer dun och weider getrëppelt. Eis Schloofplaatz war beim Plan de l'Au, wou mer eng gemittlech Plaatz am Bësch fonnt hun. Do gouf et dun e Spezialrezept : Nuddelen matt Fondueskéis an et war wuel gudd! No engem Patt Wäin louchen mer och geschwënn drop am Schloofsaak.

Um leschten Trëppeldaag, et war nëmmen nach eng kleng Etapp, sin mer lass getrëppelt fiir matt Zäiten zu Champex ze sin, well den Dan den Zuch fiir Heem sollt kréien. Wéi mer dann esou ënnerwee waren kouw eis d'Nadine entgéint, hatt ass emol einfach spazeieren gaangen an haat an engems no eis gekuckt. Daat war wonnerbar well et konnt Guide spillen an eis an den Refuge féieren wou mer déi leschten Nuecht sollten schloofen. Mer waren zimlech fréi donidden sou datt mer eis nach konnten op enger Terrasse an der Sonn!! een Kaffi genehmegen. Noom Bilan, deen gudd ausgefall ass, hun mer dann spontan décideiert schwammen ze goen an den Dan bis op Martigny mattzehuelen. Mee an der éischter Piscine, wei mer den Dan op der Gare oofgesaat haaten, war net esou gudd. D'Madame an der Keess huet ganz frëndlech gemengt zu Saillon wär een Thermal-Bad. Daat hun mer eis net zweemol soen gelooss an eng Stënnchen drop soutzen mer schon am Whirlpool nodeems mer schon gudd geschweest haaten. Et ass weidergaangen matt Sauna an matt Massagen. Daat war einfach relax an et huet richteg gudd geden. Herno hun mer eis nach e bëssen op der Wiss gebräunt ier mer zréck gefuer sin fiir lessen ze goen. Wéi all Kéiers wann mer iessen gaangen sin, haaten mer och dës Kéier een

gudden Restaurant fonnt. No laangem Warden konnten mer eis dun op den Wee fiir an d'Bett maachen. Et waren awer éischter Kojen déi mer do haaten, mee egal et huet awer gudd geschloof.

De Moien huet et geheescht opstoen, Saachen paaken an d'Camionnette tesselen an fueren. Um 07:30 sin mer dun fortkomm, mer haaten eis iwwerluecht fiir ennerwee Kaffidrinken ze goen. An Mëttes hun mer nach Reschter giess. Geint 16:00 sin ech endlech no gudd 8 Stonnen Rees doheem ukomm.

Ander

Et waren matt:

Tom Lahr
Dan Godart
Lucai Rischard
Jan Lux
Georges Liesch
Georges Schutz
Frutz Zenner
Nadine Back
Jhang Schutz
an Ech (Ander Schroeder)

S.A.F.A.B.: Service d'Assistance aux
Formateurs et Animateurs Bénévoles



Buergbrennen 2002

Et war een kaalen Samstes, mir waren op der Sich no Säck fir eis Buerg ze bannen. Am aalen Nessbutik bei eis um Eck hate mer dunn nach aal Säck krut. Et wäre jo fir déi Säck e pur Goldbarren als Merci dragewierscht mee de Mann wollt se net.

Sonndesch Moiens

Also mir Scouten hun eis mat der FNEL op dem Acker bei der Schanz getraff. D'FNEL hatten sech bereet erklärt mat eis ze schaffen. Sie hatten déi prima Idee mat eis d'Buerg opz-erieten. Am Hannergrond war e Mann den eis skeptesch beobacht huet. Mir hun eis net stéieren gelooss an huet eis och net nervös maachen gelooss.

Eis Buerg huet missen no engem aalen Brauch ageschmiert gin. Et waren Dënnestreiss an d'Buerg gestaach gin. Dono gouffen Säck un Buerg befestescht an si as nach eng leschte Kéier ageschmiert gin.



Sonnden Owend

Et war elo Zäit gin fir se an d'Luucht ze hiewen. D'Zäit gouf emmer méi knapps. Mir kruten Problemer fir se an d'Luucht ze hiewen. Déi zwee Gruppecheffen waren sech net kloer op ma se elo héich hiewen oder et sin solle loossen. De Jemp an der Not konnt sech dunn awer duerch setzen an d'Buerg sollt dunn awer ugehewen gin. Et gouf dunn nach spannend, d'Buerg hätt no enger Säit falle können. Dem Petz séng Jeep huet vill aushalle missen. Punkt 7 Auer war et endlech geschafft, si stoung! De Mann am Hannergrond war an er Mass vu Leit déi sech no an no ugesammelt huet, verschwonnen. Den historeschen Moment war do, déi zwee Gruppecheffen hun d'Buerg ugefangen. Am laaf vum Owend gouf gefeiert a gesongen. D'Méih hat sech gelount!

Germain



Déi beschten Tipfäler!

Weltmeeschter am Tipfähhleren as définitiv ongeschloen d'Renée!

[...] Deen zweeten Atelier war dunn Steenzäitmolerei, wou all Wellefchen seng **künstlech Oder weisen** konnt. [...] (Melanie)

Hun se och hier künstlech Hëftprotese missen weisen?!?

[...] Wei der iech lo warscheinlech denkt hun dei zwee missen dessen "**parcours**" **iww-erwältegen**, waat fir eist Sarah guer net sou einfach war, well hatt Höhenangst huet! [...] (Renée)

Hoffentlech huet sech de Parcours net zevill gewiert wéi se en iwwerwältegt hun.

Dem Romain sein Oofschidd

D'Musiker vun "Les déserteurs", an déi Mierscher a Luerenzweiler 5t Branche soen dem Schreiwerläng aus dem "Löztebörger Würchtchen" VILLMOLS MERCI, dass si an séngem Artikel an déier klenger Lokal-Zeitung ernimmt gi sin an mat sou generéisem Luew iwerschott goufen, dass si sech kaum nach am Grëff behaalen.

Vir desem e beschen entgéint ze wierken, as hei dann eis eegen méi bescheiden Versioun vun desem Owend.

Well mir also voll an de Preparatiounen waren, haten déi meescht vun eis kéng Geleegeheet fir an der Mass derbei ze sin, mee waat do lass war, daat kenne mer jo am Würchtchen liesen.



Mir müssen mol fir unzufänken all deene Merci soen, déi eis Bühn dekoréiert hun. Sou authentesch wéi des ausgesin huet waren dest wahrscheinlech Leit déi aus deser Zäit stammen (vläicht war de Judas selwer derbei) an dem Geroch no ze beurteilen, d'Fesch och.

Mir haaten eis vill Méi gemach fir genau sou auszegesinn wéi d'Jünger vun deemools, an daat as eis och super gelongen. Mai Herr

looss eis dach an deser schwéierer Stonn net am Stach, do war de Romain op eemool no der Mass verschwonnen. Mir hun also gewart a gefart an hun daat gemart waat gudd Jünger ebe machen, mir hun eiser Herr verrooden, an hun alt schon ouni hien de Wein gedronk.

Mee endlech as en do, d'Spannung klemmt d'Rideaux geet op an du sountzen op der Bühn 12 Jünger beim Leschten Owendiessen. Een huet gefehlt, de Jesus. Hie konnt nët kommen nen haat grad nach e Wonner te vollbréngen, also hu mir de Romain an sénger Plaaz op d'Bühn geruff, hie war eise Jesus.

An wéi et sech vir ee proppere Fong gehéiert krutt hien virum lessen d'Féiss gewäsch.

De men an de Lex gOUNgen nach e puer Fesch ennert d'Leidd bréngen, just de Men de Verroder wollt dem Buergermeeschter kee Fesch matgin.

Duscht haate mer och nach also haate mer schon am viraus Wasser an Wein verwandelt, sou wéi mer daat vun him geléiert hun, mee well mer d'Étiketten vergiess haaten huet de Jéis eis missen de Wein schmachen, an soen waat mer do drénken. An deem Punkt kann een nëmme soen, dass mer een Weinkenner kennen.

Vir dee stresseggen owend opzelackeren goufe mer e kl'ngt Lidd Zum Beschten (Den Text leit bei) an de Flëpp huet eis op der Guitar begleet.

Lo si mer beim Stechwuert, och de Romain kann Guitar spillen, a wéi ee Lidd kennt wuel a Fro, wann een zu Luerenzweiler op der Place St Laurent beim Foyer St Laurent an sou wieder as; mer selbverständlech Laurenzia Liebe. An am Publikum hun sech och e puer vun de Wiener Sängerknaben empoorgehewen, daat war einfach

super.Villmools Merci un Si:

Nët ze vergiessen awer och dass de Jesus sei Kreiz selwer gebastelt huet an dest mat deem bekannte Knuet de Brell-Asch. Bei



déier Technik déi de Romain ugewannt huet, hätt de Jesus ni missen operstoën, well ne wir nähmlech ni gestuerwen, ausser hie wir vum Kreiz erschloe gin, wéi daat mat emm zesummegefall as.

Nodeem dass mir mat eiser Show färdeg waren, hun Déserteuren nach eng Partie saugudd Stecker zum Beschte gin, mee leider haate mir sou iwwerzun, dass vill Leid sech schon heem gemach hun fir matzäit opzekommen fir an d'Fréimass.

Mir, daat sin déi Mierscher an déi Luerenzweiler Guiden a Scouten, soen dem Romain villmols MERCI vir déi Joëeren wou hie mat eis verbruecht huet an eis mat enger enormer Energie gehollef huet wou mir séng Heelef gebraucht hun.

Mir wënschen Dir Romain dass du op dénger neier Plaaz zefridde gess an Frendschaft schléiss, an mir hoffen, dass mer dech trotzdem nach kenne remgesinn.

Ee mega Zigge-zagge vir eisen Aumonier.

Men

D'Lidd vun den 12 Jünger

Es saßen 12 Jünger wohl auf dem Dësch
trillii

Der Jesus verteilte grad die Fësch
trillaa

Sie saaßen da und drénkten Wéin
Sie hatten all een Helljeschéin
trillii trillii trillaa, trillii trillii trillaa

Der Jesus dann zu ihnen koum
trillii

Er setzte sich auf seinen Troun
trillaa

Er sagte zu ihnen sou drénkt mein Bludd
und esst von meinem Fleesch d'as gud
trillii trillii trillaa, trillii trillii trillaa

Und Jesus auf einmal dachte haard
trillii

Er knuschelte eppes durch sei Baart
trillaa

Von Euch wird ee mech verooden dun
Was soll ich ihm gedoen hun
trillii trillii trillaa, trillii trillii trillaa

So jeder ein schlechtes Gewëssen huet
trillii

Wenn Ich es bin sag mir ee Wuert
trillaa

Der wer mich hier veroode wëll
taucht d'Broud mit mir in die Schossel
trillii trillii trillaa, trillii trillii trillaa

Da fragte der Judas mit senger Zong
trillii

Du meinst doch nicht etwa mech méi Jong
trillaa

Ooh doch du Judas Iskariot
Du wirst es sehn daat geht ganz flott
trillii trillii trillaa, trillii trillii trillaa

Und die Moral vun deser Geschicht
trillii

vertrau dem Verrooder Judas nicht
trillaa

Denn wer mit dem Judas sei Broud gedeelt
Wird irgendwann un d'Kreiz geeelt
trillii trillii trillaa, trillii trillii trillaa

(oder: Denn wer dem Judas vertraut vun iech
land irgendwann um Ueleschiorg
trillii trillii trillaa, trillii trillii trillaa)

Mir waren mat dobei!

Hei sin just déi Leit opgelëscht, déi hir Cotisatioun bezuelt hun an dofir och op där offizieller Memberslëscht vun 2001/2002 vum Verband stoungen.

BIBER

Julie BECK
Pit BUIJS
Tatjana GERARD
Philippe MOULIN
Cendrine PETERS
Mike SCHLEICH
Tammy SCHLEICH
Jenny SCHREINER
Joyce SCHREINER
David THILL
JiaqiZHANG

CHEFFEN

Renée BIDOLI
Chantal KIEFFER-EVERAD
Elisabeth KRECKÉ
Nicole LECLERC-FELTES
Cyril MELAN
Annick MENSTER

WELLEFCHER

Max BECK
Lena BIDOLI
Charel BODE
Carole BORDEZ
Florence DE DOOD
Laetitia DOS SANTOS
Ben ECHTER
Rachel GONNER
Liz HARY
Francis KRIER
Viki MLADENOVSKI
Chris MOLITOR
Michel PAUTSCH
Laurent PETERS
Anne ROMMES
Jeff ROMMES
Nora SCHMIT
Carole SCHMOL
Christophe SCHMOL
Mandy THOMA
Fanny TOISUL

Christian TREINEN
Joel VENANCIO DA CRUZ

CHEFFEN

Fanny BICHLER
Danielle BRÜCK
Germain FOURNELLE
Tessy HÖFLIGER
Marianne JACOBS
Melanie MASSOL
Julie WENGER

AVEX

Charel BIDOLI
Michel BRÜCK
Catherine HANCK
Julie JACOBS
Conny LEHNEN
Andy RAUSCH
Carole RAUSCH
Tammy RINNEN
Jil SCHOSSELER
Anouk WILTGEN

CHEFFEN

Jemp BECK
Ben BISENIUS
Cathy JUNIO
Anne MOLITOR
Ben MOLITOR
Tanja WEIS

CARAPIO

Renée BIDOLI
Ben BISENIUS
Paul BRÜCK
Aldino FORTES
Sarah JACOBS
Cyril MELAN
Charel MODERT
Tim RINNEN
Pol SCHINTGEN
(+ aaner Cheffen)

CHEFFEN

Fränk BOURMER
Carole NEY
Nico PANETTA
Ander SCHROEDER

RARO

Fanny BICHLER
Dada BRÜCK
Germain FOURNELLE
Tessy HÖFLIGER
Marianne JACOBS
Myriam MAES
Melanie MASSOL
Anne MOLITOR
Nico PANETTA
Mireille PEUSCH
Ander SCHROEDER
Liliane STAUS
Julie WENGER
(+ aaner Cheffen)

CHEFFEN

Sven LINCKELS
Patrick WEBER

5. BRANCHE

Patrick GALBATS
Marc JEGEN
Patrick LECLERC
Georges MENSTER
Alain PAULUS
Marc SCHROEDER
André THEISEN
Manon WEIS
Annick WEISS
(+ aaner Cheffen)

MATAARBECHTER

Lucien WEYERICH
Christophe WIROTH
(+ aaner Leit déi keng Cotisatioun bezuelt hun)